

# d'Poffermillen

De Koschter ass d'läschte Kéier an der Mass vernannt gin, well d'Kierch bal ganz eidej war. De Paschtouer huet nämlech dorriwer gepriedegt, datt haut d'Leit Sonndes nüt méi an d'Mass gin, an dobei grad déi, déi do waren, amplaz vun den Absenteisten vernannt. Am läschten "forum" huet de Koschter genau dat selwecht färdeg bruecht. Hie setzt sech mam Jérôme Levy ausenaner, deen als eenzegen eng statistesch Etude iwer onsen Enseignement gemat huet, an de gudde Levy muss gleichzeiteg sái Kapp duerhalen fir all Versäumnisser vum Ministär an deenen täschte Joren, fir all Statistiken, déi fehlen.

christ

\*

Ennert dem Titel "Arrêtez le massacre!" konnt een an verschiedenen Zeitungen e Lieserbréif (??) mat Virschléi géint di vill Accidenter op onse Stroossern liesen: et sollten sech en Honnert Fräiwellecher zesumme fannen, déi all geféierlecht Fueren vun engem Chauffeur an engem Zentralfichier melden. Een, deen dräimol opgefall ass, kritt e Bréiw gescheckt, wann e weider der "Solidarité Routière" an d'Grepp geréit, kritt ee weider Bréiwer, déi émmer méi sec gin. A wann dat alles räischt dengt: "Aux membres de la Solidarité Routière (...) de décider si d'autres mesures sont justifiées" ??. Kreie mer deemnächst Strossekämpf téschent Stroosserow-dien an Sécherheetsrowdien?

ff

\*

D'Lëtzebuerger darf sech geéiert fillen. D'LW (6.6.1987) huet hinne bescheinegt, dass se seriö a kultivéiert diskutéiere können: "Le niveau généralement élevé des diverses contributions et le ton serein des discussions (...) ont montré que les Luxembourgeois, quelque différents que soient les bords idéologiques qu'ils représentent, sont capables de discuter de façon cultivée et posée sur les sujets les plus délicats et les plus compliqués". Merci, lëiw LW-Journalisten. Dat wosste mer nach nüt. An di puer Ausnamen énnert ons ("quelques pénibles exceptions confirment cette affirmation générale") wäerte sech dru gin, deen allgemenge Nivo ze erreechen.

M.P.

\*

D'Kremlastrologen si Journalisten, déi iwwert d'Machtverhältnisser an der Sowjetunion spekuléieren an dat op Grond vun de klengsten Indizien: z.B. wie wou bei der 1.Mee-Feier steet, wie bei engem Banquet am meeschte schwätzzt, wie wéi oft an der Prawda ernimmt gét ... D'Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek versicht sech well och an därf Wëssenschaft, jhust datt et hier nüt ém d'Nofolleg am Kreml, mais ém d'Nofolleg vum Lëtzebuerger Bëschof geet: wien dierf an der Schlusspressession niewent dem Apostoleschen Nuntius goen, wiem séng Photo steet am LW iwwert därf vum Här Bëschof. Wie kuckt esou selbstbewosst a wien huet dee schéinste Spëtzenzürgli. Fir de Bëschof-Astrolog aus der rouder Zeitung as d'Entwert kloer: et as den Abbé Heiderscheid. Am Zeeche vum Glasnost gin déi richteck Kremlastrologe geschwénn aarbechtslos; bis deen neie Bëschof bekannt as, kréien ons Sakristei-Astrologen nach vill Aarbecht. Weiní kennt d'Glasnost, d'Transparenz, an déi vatikanesch Personalpolitik?

ff



## interna

Die nächste "forum"-Nummer mit einem Dossier über die Integration behinderter Kinder erscheint im Oktober.

WIR WÜNSCHEN ALLEN "FORUM"-LESEN EINEN SCHÖENEN ERHOLSAMEN URLAUB MIT VIEL SONNE!

\*

## KLARSTELLUNG ZUM "FORUM"-DOSSIER ÜBER EST

Offenbar haben die in "forum" Nr. 96 dargestellten Schülkarrieren zu einigen Mißverständnissen Anlaß gegeben, die bei diesem oder jenem Schüler schon zu falschen Hoffnungen geführt haben. Es sei

daher nochmals darauf hingewiesen, daß alle Geschichten im Imperfekt geschrieben sind, daß die zitierten Promotionsregelungen daher meistens jene vergangener Jahre sind. Es wurde eigens im Dossier betont, daß diese Kriterien (leider) jedes Jahr wechseln. Auch die durch großherzogliches Reglement vom 23. 12. 1986 in Kraft gesetzte Promotionsordnung, die nicht in allen Fällen im "forum"-Dossier berücksichtigt wurde, gilt nur für das laufende Schuljahr 1986/87. Wie es nächstes Jahr aussehen wird, wird wahrscheinlich erst mehrere Wochen wenn nicht Monate nach Schulbeginn zu erfahren sein. Mit dieser Klarstellung dürfte auch jener CSV-Schuldirektor beruhigt sein, der mit der Unterstellung fehlgeht, das "forum"-Dossier strotze von Fehlern. Bis heute konnte keine sachliche Falschaussage nachgewiesen werden. Ansonsten finden wir es bezeichnend, daß sogar Lehrer auf "forum" zurückgreifen, um sich über die Aufstiegsmöglichkeiten ihrer Schüler zu informieren.

M.P.